**Charlotte – Berlin – 4. Joer**

**Mäerz 2023 – Zaragoza, Spuenien**



Am Oktober 2022 hun ech zimmlech spontan décidéiert eng Bewerbung fir de SCOPE – Exchange Programm ze schreiwen. Durch Zoufall hun ech matkritt, datt iwwer d´ALEM nach eng Rescht-plaatz a Spuenien fir d´Saison bis März 2023 ze vergin war. D´Bewerbung us ech, als éischt iwwert d´ALEM a méi spéit dann iwwer déi zentral Verdeelungsplatform vun der IFMSA ass ganz onkompliziéiert ofgelaf, sou datt ech Ufank Januar eng fest Zouso hat.

Ongeféier eng Woch virum Stage huet mäi LEO aus Zaragoza sech bei mir gemellt fir mir méi Detailer ze gin, wéi dat op der Plaatz wärt oflafen. Ech hun an enger 4er-WG mat dräi Leit aus Spuenien respektiv Chile gewunnt. Sou war ech quasi gezwongen och außerhalb vum Stage am Alldag Spuenesch ze schwätzen. Am Ufank war dat definitiv eng Challenge fir mech, well ech bis dohin u sech just Sproochcoursen beluecht hat, mee nach net wirklech praktesch Spuenesch geschwat hun. Och an der Klinik ass alles op Spuenesch ofgelaf – just ganz vereenzelt Dokteren hun heiansdo Saachen op Englesch erklärt.

Dee ganze Mount iwwer hat ech ee festen Tutor als Uspriechpartner. Déi meescht Zäit hunn ech op der Stroke Unit verbruecht. Mäin Tutor huet allerdéngs och organiséiert, datt ech mir nach aner Beräicher vun der Neurologie ukucken konnt. Generell dierfe spuenesch Medezinstudenten ganz wéineg praktesch matschaffen während hiere Stagen. Dementspriechend hun ech och haptsächlech nogelauschtert an nogekuckt an dierft heiansdo selwer anamnestizéiren oder neurologesch Ennersichungen maachen. Eemol d´Woch hun Assistenzdokteren Présentatiounen zu verschiddenen Themen gehal an och bei aneren Fortbildungsseminarer konnt ech Deel huelen.

# ALEM

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

Owes hun ech oft eppes mat denen aneren Studenten vum SCOPE-Exchange Programm a mam LEO aus Zaragoza ennerhuel – kulturell Saachen, Tapas iessen, oder einfach gemittlech eppes zesummen drénke goen.

Ech kann nëmme jidderengem recommandéiren d´Geleeënheet ze notzen iwwert d´ALEM/ d'IFMSA e Stage ze maachen. Vun Ufank un war alles richteg gutt organiséiert an et hat een zu all Moment en Uspriechpartner zu Lëtzebuerg an och a Spuenien op deen ee sech verloossen konnt.
Ech si frou d´Chance gehat ze hun, durch dee Stage vill léif Leit, en neie Gesondheetssystem an d´Liewen an engem aneren kulturellen Setting kennengeléiert ze hun.

ALEM a.s.b.l.
2, Avenue de l'université
L-4365 Esch-sur-Alzette

contact@alem.lu
alem.lu

alem.lu
alem.luxembourg